SuperDrecksKëscht® · Zone Industrielle Piret · L-7737 Colmar-Berg · +352 488 2161 · www.sdk.lu

Geliefte Klimaschutz

RESSOURCEN · INNOVATION · NOHALTEGKEET · CIRCULAR ECONOMY

REPORTAGE

38 PERSONEN OUNI DAACH IWWERT DEM KAPP



(Fotoen: CGDIS)

Pressecommuniqué vum CGDIS: “Mercredi soir à 22:30 plusieurs appels au CSU-112 ont fait état d’un feu de toiture dans la rue de Beaufort à Grundhof. Les premiers pompiers sur place ont été confrontés à un feu de toiture généralisé au 3ème étage d’un hôtel reconverti en immeuble d’habitations. Une personne bloquée au 3e étage a été localisée grâce aux indications du 112 puis mise en sécurité à l’aide d’échelles. Prise en charge sur place aux même titre que les autres personnes impliquées par l’équipe du SAMU, trois d’entre eux ont dû être hospitalisés.

Une soixantaine de pompiers soutenus par la spécialité drone ont travaillé toute la nuit afin de venir à bout du sinistre et éviter une propagation à un bâtiment attenant. La route principale a été fermée au trafic afin de permettre le pompage depuis la Sûre pour garantir un débit suffisant.

Le relogement est coordonné par les autorités communales de Beaufort. Le Centre de Gestion des Opérations a été activé pour suivre la situation et anticiper la coordination opérationnelle dans le secteur.”



Communiqué du parquet de Diekirch en relation avec un incendie du 10 mai 2023 à Grundhof (12.05.2023): En date du 10 mai 2023 vers 22h30 un incendie s'est déclenché dans un immeuble d'habitation à Grundhof.

Dès le début de l'enquête menée par la police judiciaire sous la direction du parquet de Diekirch, des éléments laissant présumer un incendie volontaire sont apparus. Un suspect a pu rapidement être identifié. Cet homme de 41 ans a été arrêté et présenté ce matin au juge d'instruction de Diekirch.

La juge d'instruction a inculpé le suspect du chef d'incendie volontaire et ce dernier a été placé à l'issue de son interrogatoire en détention préventive au Centre pénitentiaire à Sarnem.

Le parquet de Diekirch tient à rappeler que d'après la loi toute personne accusée d'une infraction est présumée innocente jusqu'à ce que sa culpabilité ait été légalement établie par une juridiction de fond.

Hannert dësen zwou offizielle Meldunge vun offizielle Säite stécht vill Leed a Misère derhannert. Am Ganze waren 38 Leit am Hotel

ugemellt an dovunner waren 22 Persoune zur Zäit vum Feier am Gebai. Dräi Persoune koumen an d'Spidol.

Déi Verantwortlech vun der Gemeng Beaufort mam Buergermeeschter Camille Hoffmann un der Spëtzt an dem Service technique ware séier op der Plaz fir den éischte Relogement vun de Leit an der Nout ze organisieren. Ueschléissend läit d'Responsabilitéit bei de jeeweilige Versécherungen de Leit een Ënnerdaach ze suergen (iwwer d'Feierversécherung). An der éischer Nuecht goufen 19 Leit an d'Beeforter Sportshal evakuéiert. Zesumme mam Office social regional goufen d'Leit duerno an Hoteller, op engem Camping, am Kummelsbau an och am ale Scouts-Chalet ënnerbruecht. Een Deel vun de Persoune goufe vun hire Familljen opgeholl.

Bedéngt duerch d'Touristesaison hu misste verschidde Leit an den Hoteller hir Zëmmer kuerzzäiteg verlossen fir op enger anerer Plaz ze logéieren. Eng schwéier Zäit souwuel fir déi geschiedegt Persoune ewéi déi Leit, déi dat Ganzt organisieren.

Wat lo mam verbrannte Gebai um Grundhoff geschitt ass bis ewell nach net gewosst.

RONN 130.000 EURO AN D'GESONDHEET INVESTÉIERT

Nodeems d'lescht Joer d'Gemeng an Zesummenaarbecht mat den hauseegene Physiotherapeute vun der "Seniorenresidenz Petite Suisse" ee spezielle Outdoor-Fitness fir Senioren beim Sportsterrain nieft der Äispiste opgeriicht huet, ass dëse Site mat weidere Outdoor-Fitness-Geräter erweidert ginn.


Déi nei opgestallte Geräter si fir all Generatioun gëeegent an op grouse verständleche Panneae gëtt erkläert wéi eng Übungen op der jeeweileger Statioun maache kann. Selbstverständlich ass et jidderengem iwwerlooss seng eegen Übungen ze maachen an dat am perséinleche Rhythmus. Zertifiziert a gepréifte Fallschutzmatte suergen dofir, datt d'Sécherheet schonns am Virfeld garantéiert gëtt.

Dëse Projet mat den Travaux de gros oeuvres, de Geräter an den Ofschlossaarbechte kaschten am Ganzen 127.054,91 Euro. Also ronn 130.000 Euro goufen investéiert, datt op dëser Plaz een Treffpunkt fir Generatiounen entstane ass: Spillplaz, Mini-Stade, Outdoor-Fitness fir Senioren an Outdoor-Fitness-Geräter fir all Alter.

Kuerz nodeems de Site erweidert gouf ginn et schonns déi éischt Unzeechen a Schied, datt verschidde Leit éischter domadder beschäftigt sinn dës Geräter futti ze maachen a plaz anstänneg ze benotzen.

Hei eng kleng Fotosgalerie wéi eng Übungen op den neie Geräter maache kann.





EE MÉI SÉCHERE SCHOULWEE FIR D'SCHOULKANNER

Konstruktiv Diskussiounen, Meenungsaustausch a gemeinsam Iwwerleeungen an der Schoulkommissioun an eng gutt Zesummenaarbecht mam Schäfferot droen hir Friichten. De Schoulwee ass méi sécher ginn.

Ugefaange mam "Kiss & Go" beim Gemengetelier bei der Jugendherberge. Schonns zanter enger Zäitche gouf hei ee Sens unique agezeechent. Mam Auto fiert ee fir d'éischt laanscht d'Jugendherberge, d'Maison relais an dem Gemengentelier fir op dem gréng gezeechente Beräich kuerz stoen ze bleiwen an d'Kand oder Kanner op der rietser Säit aus dem Auto erauszeloossen. Vun hei aus kënnen d'Kanner a Sécherheet an d'Schoul goen. Ushléissend mécht ee mam Auto den Tour fäerdeg a fiert vum Areal eraus.


De "Kiss & Go" ass op kee Fall eng Parkplaz. D'Parkplaze sinn direkt niewendrun an hei kann een den Auto stoe loosse fir mam Kand oder de Kanner bis an d'Schoul ze goen.

Nieft dem "Kiss & Go" gouf hannert dem Parking un der Haaptstrooss een neie Schoul-

wee ugeluecht. Esou gi se dem Verkéier Richtung oder vum Kinnewee aus aus dem Wee. Um Kinnewee gelt eigentlech een allgemengt Fahrverbot an deenen zwou Richtungen. Leider benotze vill Elteren de Kinnewee als Ofkierzung a besonnesch an donkelen Joreszäite virun oder no der Schoul kënn et zu geféierleche Situatiounen. Op dëser Plaz gëtt nach eng Kéier un d'allgemengt Fahrverbot erënnert.

Dësen neie Schoulwee kritt fir d'Rentrée nach Luuchten esou, datt fir nach méi Sécherheet gesuergt gëtt. Elleng dësen neien Deel kascht iwwer 15.000 Euro, d'Luuchten an de "Kiss & Go" net mat agerechent. D'Kanner hu schonns am Juni den neie Schoulwee benotzt esou, datt et spëtstens fir d'Rentrée zur Gewunnecht ginn ass. Besonnesch wärend den däischteren Joreszäite wäert dëse Wee fir nach méi Sécherheet suergen.

Déi nächst Etaupe séchere Schoulwee ass den Deel vun der Maison Relais hanne laanscht de fréiere Scoutschalet bis bei d'Schoulareal unzepassen an ze aménagéieren.





NEI CHARGY-STATIONNE FIR VÉIER ELEKTROAUTOEN

Nieft dem Kierfecht a bei der Entrée vum Parking vun der Schwämm un der Grand-Rue goufen nei Chargy-Installatioune fir véier Elektroautoen installéiert. Dëst ass lo dréi drétt öffentlech Plaz hei zu Beaufort, wou ee säin Elektroauto luede kann.

Déi aner zwou Plaze sinn um Parking bei der Place des Nations (Kiosk) a virum Sëtz vum Natur- a Geopark Mëllerdall (Theishaus). Des Weidere kënnen Cliente vum Hotel Meyer hiren Tesla op enger "Tesla Destination Charger"

oplueden a fir déi aner Marke steet och eng Luedstatioun zur Verfügung.

Déi komplett Installatioun mat den zwou Borne fir am Ganze véier Elektroautoen a mat den Stroossen- an Usschlossarbechten (neie Parking an Terrassement) beleeft sech op ronn 41.600 Euro. Ofschléissend bleift nach drop hinweisen, datt an Zukunft nach weider Luedstatiounen um Gebitt vun der Gemeng Beaufort virgesi sinn ewéi zum Beispill zu Déiljen.



KIERFCHEN – PLATTFORM RUNDUM DIE STREUOBSTWIESEN

Wer durch die Region des Mëllerdalls fährt, kommt nicht an ihnen vorbei; die Streuobstwiesen (lux.: Bongerten). Dienten sie bis zur Mitte des 20. Jahrhundert als Hauptlieferant für unser Obst, ist der Anteil des konsumierten Streuobstes heutzutage sehr gering. Durch verschiedene Gründe, wie die Rodungsprämien in den 1970er Jahren, den verstärkten Import von Plantagenobst und die verringerte Wirtschaftlichkeit, nahm die Anzahl an Hochstammobstbäumen in unserer Landschaft und die Bedeutung des Streuobstes stark ab.

Heutzutage bleibt das Streuobst oft ungenutzt liegen, obwohl es wertvolles, ungespritztes und lokal produziertes Obst ist. Um das Obst wieder vermehrt zu nutzen und so der Lebensmittelverschwendung entgegen-



(Foto: Claudine Bosseler)

zuwirken, wurde die Online-Plattform kierfchen.lu entwickelt.


Alle Akteure, die im Bereich der „Bongerten“ aktiv sind, werden angesprochen. So können Streuobstwiesenbesitzer, Konsumenten, lokale Produzenten, Restaurants und Imker miteinander in Kontakt treten. Sowohl Angebote als auch die Nachfrage nach Streuobst, Aktivitäten, Erntemaschinen und vielem mehr, sind kostenlos auf einer interaktiven Karte einsehbar. Die interaktive Karte umfasst das Gebiet der elf Mitgliedsgemeinden des Natur- und Geopark Mëllerdall (Befort, Bech, Berdorf, Consdorf, Echternach, Fischbach, Heffingen, Larochette, Nommern, Rosport-Mompach, Waldbillig), der Beitrittsgemeinde Reisdorf und der Ernztalgemeinde.

Streuobst anbieten kann jeder, der eine Streuobstwiese in der Region Mëllerdall besitzt oder bewirtschaftet. Konsumenten und Produzenten aus ganz Luxemburg können nach Mëllerdaller Obst suchen und es zu schmackhaften Speisen und Getränken verarbeiten.

Die vermehrte Nutzung des Streuobstes bringt zahlreiche Vorteile mit sich. Die Versorgung mit gesundem Obst, die Reduzierung langer Transportwege, der Erhalt von Streuobstwiesen und die Diversifizierung der landwirtschaftlichen Produktion werden gefördert.

Die Plattform „Kierfchen“ wurde im Rahmen des Projekts „Natura 2000 verbindet“, welches vom Natur- und Geopark Mëllerdall, Unesco Global Geopark, betreut wird, entwickelt. Das Projekt „Natura 2000 verbindet“ wird vom Ministerium für Umwelt, Klima und nachhaltige Entwicklung finanziert.

OCH FIR DÉI JONK VU BEEFORT: NEI SERVICER VUN DER NORDSTADJUGEND



De 17. Abrëll war déi feierlech Erëffnung vum JIP - dem neie Jugendinfopunkt, dem Service Outreach an dem Incubator zu Ettelbréck am Garer Quartier.


De JIP ass e gratis Informatiounscenter fir Jonker tëschen zwielef an 30 Joer, mee och Elteren a Jugendaarbechter kréien hei Informatiounen. Theme si Fräizäit, Bildung, Beruff, Wunnen, Mobilitéit, Gesondheet, europäesch Projeten, Fräiwëllegendéngscht a viles méi. Hei ass e Raum wou déi Jonk nogelauschert kréien a wou si op hirem Wee zum Erwuesse gi gestärkt ginn. Am JIP gëtt et gratis Zougank zu Informatik-Material an Internet. Personal ass d’Nathalie Lobato an d’Nathalie Neumann

De Service Outreach ass an de Raimlechkeete vum Jugendinfopunkt. Hei ginn déi Jonk do ofgeholl, wou si grad stinn a ginn ënnerstëtzt a begleet fir rëm hir Plaz am Liewen ze fannen.

D’Outreacher behalen d’Hoffnung fir déi Jonk, wa si selwer keng méi hunn. Déi Jonk ginn aktivéiert fir hir Perspektiven a Méiglechkeeten ze entdecken an ze realiséieren. Personal ass d’Melinda Rensonnet an d’Celia Empain

Den Incubator ass och an de Raimlechkeete vum neie Jugendinfopunkt. Den Incubator ass e Service an Zesummenaarbecht mam Service national de la Jeunesse, dee Jonker ënnerstëtzt, eng Asbl oder eng Jugendinitiativ ze grënnen. Si kréien hei eng Adress a Zougank zu engem Coworking-Raum, souwéi Büros- an Informatikmaterial.

D’Adresse vum Jugendinfopunkt (Telefonnummer 80 91 65 30), dem Outreach (Telefonnummer 80 91 65 31) an dem Incubator sinn all Kéiers op Nummer 26, rue Prince Henri zu L-9047 Ettelbréck. Weider Informatiounen ginn et ënnert www.nordstadjugend.lu.



SPORT

SËLWERMEDAIL BEI DE SPILLER VUN DE KLENGE LÄNNER



(Fotos: privat)

Vum 30. Mee bis de 5. Juni huet Malta déi 19. Editioun vun de Spiller vun de klenge Länner organiséiert. Ënnert den 129 Sportler aus de verschidene Sportarte waren zwou Athletinnen aus Beefort dobäi: Anetta Mosr a Lena Schmit. Si zwee hunn zesumme mam Monique Kedinger déi lëtzebuerger Faarwen an der Judo-Dammennationalekipp vertraueden. Ee perséinleche Bericht a Fazit vum Anetta Mosr:

Am 29. Mai wurden offiziell die 19. Spiele der kleinen Staaten in Malta eröffnet. Am gleichen Tag

hatten wir die Gewichtskontrolle und mussten davor noch ein paar Runden in der Sonne laufen gehen um die letzten Gramme abzunehmen.

Am nächsten Tag haben sich neun Nationen und 70 Athleten auf die Matte gestürzt. Darunter auch ich (Anetta Mosr) in der Kategorie bis 63 Kilogramm und Lena Schmit in der Kategorie bis 52 Kilogramm. In der ersten Runde trat Lena gegen Sofia Asvesta (Zypern) an. Leider hatte sich Lena jedoch im Kampf den Finger gebrochen und musste frühzeitig alle ihre

Kämpfe deswegen aufgeben. Ihre erste Gegnerin wurde am Ende Erste.

Ich trat in der ersten Runde gegen Diana Dimitrou aus Zypern an, gegen die ich mit einer meiner Lieblingstechniken gekontert und gewonnen habe. Die zweite Runde war gegen Tamara Gardasevic aus dem Montenegro. Sie war eine dominante Linkskämpferin und hat mir am Anfang bisschen Schwierigkeiten gemacht an sie dran zu kommen. Jedoch hatte ich die Möglichkeit ergattert sie taktisch zu überwältigen, sodass

sie am Ende mit drei Strafen (Shido) aus dem Kampf ausgeschieden wurde.

Im Finale trat ich gegen Rania Drid aus Monaco an. Im Kopf war ich motiviert und positiv eingestellt, dass ich die letzte Runde gewinnen würde. Ich habe mich auf ihren Kampfstil eingestellt. Trotzdem ist es ihr dennoch gelungen, mich aus dem Konzept zu bringen, sodass ich in der Hälfte des Kampfes verloren habe und somit ausgeschieden war.

Dennoch war ich sehr glücklich, dass ich nach einer so langen Zeit, mit vielen Verletzungen und Zweifel, den Weg wiedergefunden und ihn mit einer Medaille gekrönt habe. Dies wieder im Rahmen der luxemburgischen Nationalmannschaft auf meinen ersten Spielen der kleinen Staaten zu erleben war mir eine große Freude.

Wir hatten sogar die große Ehre, dass der Großherzog Henri höchstpersönlich unsere Kämpfe vor Ort angesehen hat, und uns somit die größte Motivation gegeben hat, unsere beste Leistung zu zeigen.

Zwei Tage nach unseren individuellen Kämpfen am 1. Juni traten wir in den Frauen- und Männermannschaften an. In unserem Frauenteam waren wir leider nur noch zu zwei anstatt von drei und dennoch hat uns Lena so gut wie möglich von der Bühne aus unterstützt. In der ersten Runde hatten wir ein Freilos bekommen und sind dann in der zweiten Runde gegen Malta angetreten. Diesen Wettkampf konnten wir schnell für uns entscheiden, sodass wir schon für das Finale qualifiziert wurden.

Im Finale traten wir gegen Montenegro an. Weil wir allerdings

eine Person weniger im Team hatten, waren wir schon im Voraus mit einem Punkt hinten gelegen und mussten somit unsere zwei Einzelkämpfe gewinnen um als Team die Goldmedaille für uns zu gewinnen.

Ich hatte diesmal wieder eine Linkskämpferin und hatte am Anfang bisschen Schwierigkeiten sie zu werfen. Dennoch habe ich die Gelegenheit im Boden gesehen einen Würger durchzuziehen, sodass die Gegnerin aufgeben musste und ich damit den Kampf gewonnen habe. Den entscheidenden Kampf hatte unser drittes Mitglied in der Mannschaft verloren und am Ende haben wir einen tollen zweiten Platz gewonnen. Die Jungs haben am Ende des Tages auch knapp die Goldmedaille verpasst und sie haben mit uns den zweiten Platz auf der Bühne geteilt.

Am Ende der Woche hat Luxemburg als drittbeste Nation abgeschnitten mit insgesamt 66 Medaillen, davon 16 Gold, 22 Silber und 28 Bronze.

Ich hatte während der Woche selbst viel zu tun, weil ich die Woche nach den Spielen der kleinen Staaten mich auf mein Examen gleichzeitig vorbereiten musste. Ich bin im letzten Semester des Bachelor-Studiums in Biologie hier in Luxemburg auf der Uni in Belval und hoffe diese in diesem Sommer abschließen zu können. Im Winter plane ich mich in der Armee zu melden um als Sportsoldatin meine Karriere weiter zu gestalten. Wenn alles gut läuft, bin ich im neuen Jahr als Sportsoldatin freigestellt um meinen Sport täglich sicher zu absolvieren.



ERSTES TURNIER NACH VIER JAHREN IM INTERNATIONALEN REITZENTRUM



Coupe de Luxembourg 2023: erster Platz Kristine Møller-Engel mit „DSP Sonnerie Souveraine“, zweiter Platz Marco Ulrich mit „Dancing Dream“, dritter Platz Anouk Eyschen mit „Stanley“.

140 Pferde gingen an den Start beim diesjährigen Dressurturnier, das endlich nach vier Jahren aus den bekannten Gründen im internationalen Reitzentrum wieder über die Bühne ging. Die mit Abstand meisten Erfolge gelangen dem Chefbereiter Marco Ulrich.

Die zehn verschiedenen Prüfungen am Wochenende des 17. und 18. Juni waren eigentlich zwei Monate früher geplant. Aufgrund des Ausbruchs

des EHV-1-Virus in Belgien und Luxemburg sahen sich die Veranstalter des „A bis Grand Prix“ dazu verpflichtet das geplante Dressurturnier auf ein späteres Datum zu verschieben.

Die sportlichen Erfolge der Reiter des „Club Hippique Beaufort“ reichen von der Jungpferdeprüfung bis zur Schweren Klasse, was für sie ein tolles Zeugnis unserer täglichen Arbeit und sicherlich keine Selbstverständlichkeit ist. Der Auszu-

bildenden Jutta Bales glückte die erste Turniervorstellung von zwei Nachwuchspferden, die sich erst seit kurzer Zeit im Training befinden.

Auch die ansonsten im Parcours beheimatete Sandy Winandy zeigte mit einer Platzierung in der Klasse L, wie vielseitig Ausbildung sein kann. Mit ihrem „Cyrano 178“ belegte sie den fünften Platz unter 22 Teilnehmern. In dieser Klasse erhielt Amélie Decruyenaere Hauptert

mit „Bonjour 80“ die höchste Wertnote, die damit ebenfalls den „Prix de la Commune de Beaufort“ überreicht bekam.

Dem Chefbereiter Marco Ulrich gelangen die mit Abstand meisten Erfolge. Er konnte sich bei den Jungpferden auf L Niveau, sowie in den Klassen M und S gegen die Konkurrenz durchsetzen, beziehungsweise mehrfach platzieren.

In der Gesamtwertung des traditionsreichen "Coupe de Luxembourg" belegte er mit dem Hannoveranerwallach „Dancing Dream“ den zweiten Platz hinter „Sonnerie Souveraine“ unter Kristine Møller-Engel.

Um eine Veranstaltung dieser Größe auszurichten bedarf es einer Vielzahl an Helfern, die das Team tatkräftig unterstützt haben. Dazu zählen ebenso die Tierärzte, Hufschmiede, Physiotherapeuten, Sattler, Sponsoren uvm.

Nächster Termin im Beforter Reitzentrum ist übrigens am Wochenende des 21. und 22. Oktober, wann das Turnier im Springreiten auf dem Programm steht.

Die einzelnen Turnier-Ergebnisse im Überblick:

Marco Ulrich:
Dressurpferdeprüfung Klasse L

(acht Teilnehmer): „Störtebeker“ Platz zwei;
Dressurprüfung Klasse M* (16 Teilnehmer): „Dancing Dream“ Platz eins, „Bobby Brown“ Platz drei, „Jazzperado“ Platz sechs;
Dressurprüfung Klasse M** (sieben Teilnehmer): „Bobby Brown“ Platz eins, „Dancing Dream“ Platz zwei“;
Dressurprüfung Klasse S* - Prix Saint Georges (zehn Teilnehmer): „Dancing Dream“ Platz vier;
Dressurprüfung Klasse S** - Intermediaire I Kür (sieben Teilnehmer): „Dancing Dream“ Platz fünf.

Sandy Winandy: Dressurprüfung Klasse L* - FEI Children Preliminary Test A (22 Teilnehmer): „Cyrano“ Platz fünf.

Coupe de Luxembourg 2023: erster Platz Kristine Møller-Engel mit „DSP Sonnerie Souveraine“, zweiter Platz Marco Ulrich mit „Dancing Dream“, dritter Platz Anouk Eyschen mit „Stanley“.




Schöffe Jean-Luc Nosbusch überreichte den „Prix de la Commune de Beaufort“ an die Gewinnerin der Dressurprüfung in der Klasse L Amélie Decruyenaere Hauptert mit ihrem „Bonjour 80“.

(Fotos: Club Hippique Beaufort)









CHRONIK

ABRËLL, MEE, JUNI 2023

21. Abrëll

D'Beeforter Theaterfrënn hunn am Kummelsbau de Bilan vun hirer vergaangener Saison gezunn. No enger kuerzer Begrëssung huet d'Sekretärin Rieneke Cruchten d'Aktivitéite virgestallt. Dozou zielen d'Presenzen um Duerf- a Wantermaart am Juli an November. Den Héichpunkt war d'Opféierung vum Stéck "In flagranti dilettanti" am Oktober. 25 Prouwe waren heifir néideg a während den dräi Opféierunge konnten am Ganzen 320 Entréeë gezielt ginn.

D'Theaterfrënn feieren dëst Joer hir 25 Joer an aus dem Gronn gouf een Organisationscomité op d'Been gestallt. D'Aktivitéite stinn och schonns fest. Den 3.

Juni ass ab 11 Auer beim Kiosk een Turnéier am Wikingerschach. Wikingerschach huet allerdéngs näischt mam klassesche Schachspill ze dinn.

Des Weidere fënnt den 29. Juli ee spueneschen Owend statt an am Oktober gëtt rëm Theater gespillt. Aner Aktivitéite si schonns eriwwer ewéi zum Beispill Stand-up-Comedy am "Flying Dutchman" oder Deelhuelen un engem Krimi-Dinner zu Veinen.

De Comité huet sech siwe Mol getraff an et goufen zwou Mitgliederversammlungen ofgehalen. De Finanzbericht, dee vum Claudine Gremling virgedroen an ee Boni virweise kann, gouf op Virschlag vun de Keeseresevisoren Quentin Fontaine an Tom Cruchten ugeholl.



Zum Schluss vun der Generalversammlung huet de Burgermeeschter Camille Hoffmann den Theaterfrënn Merci gesot fir d'Aktivitéiten a proposéiert fir eng Kéier fir d'Senioren aus der Géigend ze spillen. Ofschléissend war d'Belichtung een Thema an een deementsprechenden Devis wäert an enger Reunioun mam Schäfferot diskutéiert ginn.

De Comité setzt sech zesummen aus Patrick Goetzinger (President), Rieneke Cruchten (Sekretärin), Claudine Gremling (Trésorière) an de Memberen Dario Ballanti, Sonja Goetzinger-Switala, Léonie Switala a Marie Neves.

23. Abrëll

Den zweete Sonndeg no Ouschteren ass zu Beaufort traditionell an zanter Joren déi feierlech éischt Kommunion. "Ech si bäi iech", de Jesus hält wéi ee gudden Hiert seng Hänn iwwer eis an déi ganz Schöpfung. Sou steet et op der éischter Säit vum Programm mat de Lidder, déi während der Kommunion gesonge goufen. Sechs Meedercher an zwee Jongen hunn deen Dag d'Sakrament vun der Kommunion empfaangen. Pastoralassistentin Josiane Mirkes huet déi jonk Chrëschten op d'Kommunion virbereet an d'Kommunionssmass gouf vum Paschtouer Carlo Morbach gehalen.







6. Mee

De Beeforter Grupp Frère Roger vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten op seng Porte ouverte an hirem Scout's Home agelueden. Si hunn ee flotte Programm mat vill Ennerhalung, Spiller a Spaass opgestallt a selbstverständlech war fir Essen a Gedrénks gesuergt. D'Guiden a Scoute sinn a verschidden Altergruppen ennerdeelt: Wëllef (siwe bis eelef Joer), Avex (ellef bis 14 Joer, Carapio (14 bis 17 Joer) a Chef (17 a méi Joer).

9. Mee

D'Maus Ketti vu Biermereng ass wuel déi bekanntste Maus vu Lëtzebuerg an hir Geschicht a Gedichtform

aus dem Joer 1936 vum Auguste Liesch zielt als ee vun de bekanntste Wierker aus der Lëtzebuerger Literatur. Um Europadag war d'Maus Ketti während dem Moien zu Besuch op Beefort an zwar am Haff vum Renaissance-Schlass.

Gespillt gouf d'Stéck vun der Harzer Puppenbühne, déi schonns d'lescht Joer mam "Froschkönig" fir Begeescherung bei de Kanner gesuergt hunn. Souwuel d'Kanner an d'Eltere ware moies um 10 Auer iwverpénktlech an esou konnt d'Theaterstéck zur Zäit ufänken. Duerch de Programm huet de Schleck "Meme" gefouert, dee schonns direkt am Ufank an zum Schluss d'Laachmuskele bei der Kanner a Form bruecht huet an esou fir ee flotte Moie gesuergt huet.





Nom ganz groussen Erfolleg bei der Première d'lescht Joer stoung enger zweeter Editioun vum Europadag, dee vun der berodender Kommissioun fir Integratioun an Zesummenaarbecht mat der Veräiner a Geschäftsleit organiséiert gouf, näischt am Wee. Am Géigesaz zum leschte Joer huet d'Wieder allerdéngs net ganz mat-gespillt.

Ugefaangen huet den Europadag mat engem Concert-Aperitif vun der Harmonie Municipale Rollengronn. Ënnert der Direktioun vum Ivan Boumans an dem Sous-Chef Guy Engels hu se folgende Programm dem Beeforter Publikum gespillt: "Western Grafitti", "Tribute to Amy Winehouse", "Beach Boys Golden Hits", "S'il suffisait d'aimer", "West Side Story", "Funk Attack" an "El Cumbanchero". Wéinst dem ugekënnegte Reen hunn déi iwver 50 Musikanten alleguer um Kiosk gespillt.

D'Wolleken um Himmel sinn ëmmer méi däischter ginn an et war nach nëmmen eng Fro vun der Zäit wéini et géif ufänke mat reenen. Aus deem Gronn hunn déi zahlreich Leit nach während dem Concert-Aperitif eng kulinaresch Rees duerch Europa gemeet. Ugebuede gouf ënner anerem Paëlla (Theaterfrënn), Hamburger (Judo-Club), Poulet, Gegrilltes a Fritten (Grou-

pe sportif récréatif et culturel Fiolhoso et Beaufort), Lasagna, Nuddelen, Pizza, Tiramisu (Club Hippique) a Gromperekichelcher (Äishockey). Véierbeeneg Frënn goufe mat Hondskichelcher (Agility-Club) verwinnt.

Des Weideren hunn eng Rëtsch Veräiner, Associatiounen a Geschäftsleit aus der Gemeng vun der Geleeënheet sech an hir Produite virstellen an d'Kanner konnten op zwee Sprangschlässer hir iwwerschësseg Energie lassginn.

Bei de Concerte vu "Südwind" (Marisa Donato a Salvatore de Nardo) an "Haemelmaous" huet et du sou richtig gereent mee der Stëmmung huet et op jidder Fall näischt geschuet. Danzen an Reen? Kee Problem fir verschidde Leit während aner Leit sech ënnert de villen Zelter bei méi wéi engem Pättchen ausgetosch hunn an dat op den Hibleck op den 11. Juni.

Ofschléissend bleift nach ervirzehiewen, dass sech d'Veräiner engagéiert hunn den Europadag nohalteg ze gestalten an dat no de Critère vu "Green Events". Et huet sech erausgestallt, dass et am Groussen a Ganzen net allze schwéier war, eng Rëtsch Moosnamen am Sënn vun eiser Natur an Ëmwelt ëmzesetzen.












**LÉIF BOMA, LÉIWE BOPA,
LOOST IECH NET BEDUCKSEN!**



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

ZESUMME FIR IECH
POLICE.LU

POLICE
LËTZEBURG 

13. Mee

D'Gemeng Beefort huet zesumme mam Fierschter a senger Ekippe eng Holzstee mat Lietsch organiséiert. Am Géigesaz zu de leschte Jore war d'Holzstee dës Kéier am "Scheiwelterbësch", deen Ausgang Beefort Richtung Haler läit. Bei der Holzaktioun goufen am Ganze 82 Ster Bichenholz, aacht Ster Eechenholz a jee weils zwee Ster Fichten- a Kiefernholz versteet. Zwee Ster oder duebele Ster bilden ee Kouert. Den Ufankspräis fir Bichen- an Eechenholz louch bei 55 Euro pro Ster an op de Steepräis kumen nach siwe Prozent TVA dobäi. 94 Ster hunn ënnert dem Stréch am Ganze 6.940,02 Euro erabruucht. No der Stee gouf nach eng kleng Stärkung ugebueden.





22. Mee

Bis de 26. Mee huet d'Schoulsportwoch stattfonnt. An deem Kader koume verschidden Intervenante an d'Schoul fir mat de Kanner Sport ze maachen. Dëst waren de Laurent Bagnowski vum Beeforter Judoclub an d'Laura Milington fir Yoga. Eenzel Klasse gongen och an d'Jugendherberg op d'Indoor-Spillplaz an anerer wäeren do och Bowling spillen. All Dag si Klassen op Contern an d'Jumpbox gefuer esou, datt um Enn vun der Woch och all Klass dohinner war. Parallel zu deenen eenzelne Aktivitéiten huet ee "Sponsored Run" stattfonnt, wou d'Kanner fir Sue gelaf sinn an domadder hir Ausflich zum Deel konnte matfinanzéieren. Weider um Programm stounge Völkerball a Vëlo fueren.





(Fotografien: Buergfénkelcher)



23. Mee

Bréissel ass niest Lëtzebuerg a Stroossbuerg déi drëtt Uertschaft, an där d'Europäescht Parlament schafft. De Sëtz vum Europäesche Parlament ass zwar zu Stroossbuerg, allerdéngs halen déi meescht Kommissiounen hir Sëtzungen zu Bréissel of. D'Generalsekretariat befënnt sech zu Lëtzebuerg. Dës Struktur gouf 1992 um Sommet zu Edinburgh gereegelt an am Joer 1999 am Vertrag vun Amsterdam festgeschriwwen. Déi Reeglung huet historesch Hannergrënn, ass awer an der Praxis net ëmmer einfach ëmzesetzen.

Nodeems d'Beeforter Integratiounskommissioun d'lescht Joer am Dezember eng Visitt op Stroossbuerg bei den Europadeputéierte Charles Goerens ënnerholl huet, stoung lo eng Visitt op Bréissel um Programm. Obwuel ee sech schonns moies um 6 Auer op de Wee op Bréissel gemeet huet fir de flotte Programm pénktlech unzefänken huet de Verkéier an der Géigend vun Namur de komplette Plang op d'Kopp geheit.

D'Konferenz mam Charles Goerens ass doduercher bedéngt däitlech méi kuerz ausgefall ewéi virgesinn. Dat huet hien awer net dovun ofbruecht fir mat sen-

ger laangjäreger Erfahrung a Fachkenntnes komplex Themen an e puer Wieder jidderengem verständlech ze erklären. Niest dem Krich an der Ukrain gouf zum Beispill och de Sujet vun der kënschtlecher Intelligenz ugeschwat.

No der Konferenz hunn d'Vertrieder vun der Integratiounskommissioun dem Charles Goerens eng flott Corbeille mat regionale Produiten iwwerreecht. Ofgeschloss gouf den éischten Deel mat der obligater Gruppefoto.

Nom Mëttegiessen goung et rëm zréck an d'Parlament, wou dem Europadeputéierte säin Assistent Yves Hoffmann d'Visiteure vu Beafort duerch d'Gebai gefouert huet. Op den Tribünen huet hien nach weider Informatiounen zu der Funktiounsweis vum Europäesche Parlament ginn. Herno beim Erausgoen hu vill Leit vun der Geleeënheet profitéiert fir eng Foto vu sech virum den europäesche Fändelen ze maachen. Virum Bus krut nach jiddereen eng kleng Erënnerung iwwerreecht an den europäeschen Dag zu Bréissel gouf ofgeschloss mat enger Visitt vum Park "Mini-Europe" gläich niest dem Atomium, dem Bréisseler Symbol an och vun der Belsch.





27. Mee

Dëst Joer huet de Perkussiounsdepartement vun der Iechternacher Museksschoul hir Schüler op en intensiven Perkussiounsstage vum 27. bis den 29. Mee agelueden. Ronn 40 Kanner a Jugendlecher ware Feier a Flam fir matzgoen, dovunner och en Deel Museksbegeeschterer aus der Gemeng Beefort. Fir intensiv kënnen op hiren Instrumenter ze üben, respektiv sech ze perfektionéieren, hu si sech an d'Beeforter Jugendherberg zeréckgezunn. Zesummen mat hire Proffen, dem Benoît Martiny, Carmen Wurth, Eric Durrer, Jérôme Klein a Sven Hoscheit hu si eng helle Wull un Instrumenter uechter di ganz Jugendherberg opgericht: zwielef Batterien, zwielef Xylophonen a Marimbaen, eng ganz Partie Congaen an nach vill aner Perkussiounsinstrumenter. Nieft de ville musikaleschen Übungssequenze war awer och nach Fräizäit fir sech auszetauschen, sech ze ameséieren an e bëssche vu Beefort kucken ze goen.

Flott war et fir d'Elteren, d'Famill a vill aner Musekliebhaber e klengen Abléck an dës intensiv Proufzäit ze kréien an zwar um Perkussiounconcert de 15. Juni am Trifolion zu Iechternach. Spectateure konnten du während ronn 90 Minutte staunen a genéisse wat d'Schüler a Proffen fir ee flotten a villfältege Programm zum Thema "Eis Äerd" op d'Been gestallt hunn a wou jee no Museksstéck tésche véier a 60 Schüler gemeinsam op der Bün performéiert hunn.

Eng Woch virdrun, den 8. Juni, huet d'Iechternacher Museksschoul alle Beeforter Schüler téschen zéng a 60 Joer d'Méiglechkeet ginn hier musikalesch Wierker an enger Auditioun dem Publique virzedroen. Am Kummelsbau waren ronn 15 Museker aus ënnerschiddlechen Museksdepartementer zesummen mat hire jee-weilege Proffen op der Bühn. Vu Gittar iwver Batterie zu Gesank a Piano bis hin zu Blossinstrumenter war et e flotten an ofwiesslungsräiche Programm, dee virgespillt ginn ass.



29. Mee

D'Wieder huet sech vu senger schéinster Säit bei den dësjärege Päischtwanderdeeg presentéiert. Déi 37. Editioun vun den "Marches internationales de la Pentecôte" gëtt vun de Wanderfrënn Beefort organiséiert an dese Päischtweekend stoungen dräi Strecken zur Auswiel: sechs, zéng an 20 Kilometer. Den Départ an d'Arrivée ware beim Kummelsbau a scho vu moies siwen Auer war hei Héichbetrieb. Bis 14 Auer kommt ee sech fir dee zwee kleng Tier umellen a fir de groussen Tour vun 20 Kilometer huet ee sech misste bis Mëtteg 12 Auer op de Wee maachen.



Gläich bei der éischer Kontrollstatioun bei der "Mudderbuch" (am Bësch hannert der Cité Birkbour) haten d'Membere vun der Wanderfrënn vill ze dinn. Op deser Kontrollstatioun hu sech direkt dräi Tier zesumme fonnt. De klengen Tour goug duerno weider an de Bësch fir rëm zrëck am Kummelsbau ze sinn. Déi aner zwee Tier si bis op Bigelbaach gaangen an an der Géigend vum Schlass hu sech hir Weeër getrennt. Den zweeten Tour goug rëm zrëck an de Kummelsbau wärend de gréissten Tour laanscht d'Haupes- an Halerbach op de Grondhaff gefouert huet fir iwwert de Cloosberg zu Déiljen rëm zrëck op Beefort ze kommen.

Am Kummelsbau hu sech d'Wanderer rëm alleguer zesumme fonnt a bei engem Pättchen an enger Stärkung flott Momenter verbruecht. Wärend dem Päischtweekend sinn am Ganzen 1.227 Wanderer op Beefort komm. Samschdes goufen 357 Wanderer gezielt a si si komm aus Lëtzebuerg (308), der Belsch (38), Däitschland (aacht), Holland (zwee) a Schwäiz (een). Däitlech méi waren der e Méindeg: 870. Och deen Dag sinn déi meescht Wanderer aus Lëtzebuerg komm (714), Däitschland (98), Frankräich (40) an aus der Belsch (18). Déi zwee Deeg kruten d'Wanderfrënn Beefort Ënnerstëtzung vum Wanderveräin aus der Fiels a vum Club des Jeunes Reisduerf a ville Fräiwëllegen.



3. Juni

De groussen Tour vum “Schleck Gran Fondo” ass rëm duerch Beefort gefuer, wou wéi déi Jore virdrun ee Poste de Ravitaillement op der Gare war. Nom Départ um 9.30 Auer zu Munneref sinn d’Cyclisten no 77,2 Kilometer zu Beefort ukomm. Beim groussen Tour vun 155 Kilometer hu sech 2.384 Cyclisten ageschriwwen a beim klengen Tour vu 89 Kilometer waren et der 980. Hei op der Gare hu se net nëmmen eng kleng Stärkung ageholl mee verschidde Cyclisten hu vun der Geleeënheet profitéiert kleng technesch Reparature virhuelen ze loossen.

Bei dëser sechster Editioun gouf et leider een trageschen Tëschefall zu Kanech ze vermellen. Bei engem Accident huet een 73 Joer ale Cyclist seng schwéier Blessuren net iwwerlieft an ass gestuerwen. Doropshi gouf d’Randonnée neutraliséiert. Bei hirem Passage zu Beefort war déi traureg Nouvelle nach net bekannt a sou war et wéi déi Jore virdrun eng flott a familiär Ambiance beim Ravitaillement.

Ee ganz grouse Succès war d’Première vum Wikingerschachturnéier, déi d’Theaterfrënn Beefort am Kader vun hirem 25. Anniversaire beim Kiosk organiséiert

hunn. Wikingerschach huet allerdéngs näischt mam klassesche Schachspill ze dinn. Wéi beim klassesche Schachspill gelt et de Kinnek ze kréien a gespillt gëtt op engem Terrain vu fënnef op aacht Meter.


An der Reegel trieden zwou Ekippen un an eng Ekipp kann aus enger eenzelner Persoun oder bis zu sechs Leit bestoen. Beim Beeforter Turnéier hu sech d’Ekippen aus zwee bis sechs Leit zesummegeallt. Kuerz op 11 Auer ass et fir déi 36 Ekippen lass gaangen. Gespillt gouf op d’Zäit fir esou de gutt gefëllte Programm beschtméiglech iwwert d’Bün ze kréien an esou konnt jidderee sécher sinn, eng gewëss Zäit gespillt ze hunn. Zum Schluss vum Dag gouf den éischte Gewënner vum Beeforter Wikingerschachturnéier gefeiert: “Vikiblinners”. Op déi zweet Plaz koum “Gewass” an op drëtt Plaz “Pit Vipers Knights”. Verséisst goufen déi dräi éischt Plaze mat Geldpräisser: 300 Euro, 180 Euro an 120 Euro.

Nieft dem Wikingerschachturnéier hunn d’Beeforter Theaterfrënn fir Animatioun gesuergt. Dozou zielen ënner anerem ee grousst Sprangschlass, ee Verkéiersgaart an een Tour mat enger E-Trottinette. Owe huet de Grupp “Le Vibe” ee Concert gespillt a bis an d’Nuecht eran huet den DJ Dr. Gonzo opgeluecht.









7. Juni

Info RTL.lu: E Mëttwoch de Mëtteg géint 14 Auer huet et um CR121 tëscht dem Grondhaff an der Vugelsmillen tëscht zwee Gefierer geknupppt. D'Strooss war gespaart. Wéi d'Police méllt war een Auto vun der Route de Beaufort um Grondhaff op der Héicht vun engem Bauerenhaff vun der Bunn ofkomm an op d'Géigespuer geroden. Do ass d'Automobilistin frontal mat enge Mini-Bus kollidéiert. Si gouf an hirem Auto ageklemmt an ass an d'Spidol bruecht ginn, nodeems d'Secouristen si aus dem Won befreit haten.



10. Juni

D'Beeforter Duerffrënn hunn um Virowend vun de Gemengewalen op ee Wa(h)lpatt am Schmatzgaart invitéiert. Bei summerlechen Temperaturen haten d'Kandidate vun der leschter Geleeënheet profitéiert sech de Wieler nach eng Kéier virzestellen. Awer och d'Wieler selwer konnten den engem an anerem Kandidat nach séier eng Fro stellen oder sech mat him austauschen. Selwer gemachte Spätzle mat Kéis, Speck, Fëschburger a Spezialitéite vum Grill an och haus-gemachte Cocktails hunn ënner anerem fir eng gutt Stëmmung beim Wa(h)lpatt bäigedroen.





18. Juni

De "Groupe sportif récréatif et culturel Fiolhoso et Beaufort" huet op ee portugisescht Volleksfest invitéiert. Dat Ganzt huet sech op der Place des Nations (Kiosk) ofgespillt. Fir musikalesch Kläng huet e Samschdeg Owend am Ufank de Grupp "Os Nova Onda" aus der Schwäiz gesuergt. Nodeems de Publikum sech waarm gedantz huet koum den Optrëtt vum Cristiana Sa mat hirer Grupp.

E Sonndeg stoung moies ab 10.30 Auer eng Matinée um Programm a fir Animatioun huet rëm de Grupp

"Os Nova Onda" gesuergt. Déi portugisesch Folklorgruppen "Minhotos de Echternach", "Al Lavradeiras do Minho" an "Os Amigos do Minho" hu se sech virun der Gemeng versammelt an am Cortège si bei de Kiosk getrëppelt. Ugefuert gouf de Cortège vun de Gäschten aus Fiolhoso.

Fiolhoso läit eng gutt 120 Kilometere westlech vu Porto ewech an ass eng Gemeng am Krees Murça am Distrikt Vila Real. Déi meescht portugisesch Matbierger hei an der Gemeng an och Ëmgéigend kommen aus Fiolhoso an doduercher gëtt et eng speziell Relatioun tëschen den zwou Gemengen.





22. Juni

Mat engem Te Deum an der Kierch zu Beaufort hunn d'Feierlechkeeten um Virowend vum Nationalfeierdag ugefaangen, déi vun der Pastoralassistentin Josiane Mirkes gestallt gouf an vun de Choralle Sainte Cécile Beaufort a Sang mat Waldbëlleg/Haler encadréiert gouf.

Ushléissend goug et an engem Cortège op d'Place des Nations (Kiosk) op eng Réceptioun mat Eierewä-

in, offréiert vun der Gemeng an Zesummenaarbecht mat der Kulturkommissioun vu Beaufort. Iessen a Gedrénks goufe vum "Groupe sportif récréatif et culturel Fiolhoso et Beaufort" an de Beauforter Duerfrënn organiséiert a fir musikalesch Stëmmung huet den "DJ Soundtrip" gesuergt.

Zum Schluss bleift nach ervirzehiewen, datt d'Feierlechkeeten um Virowend vum Nationalfeierdag d'Kritäre vum "Green Event" erfëllt hunn.









25. Juni




Während vill Leit vum verlängerte Weekend nach séier profitiéert hu fir virun der grousser Vakanz ee klengen Tour oder gréisseren Ausflug hei am Land oder an der Groussregioun ze maachen, stoung den Terrain nieft der Äispiste ganz am Zeeche vun den Hénn. Den Agility-Veräin "4 Running Paws" huet op säin Summerturnéier invitéiert.

Gegrënnt gouf de Veräin "4 Running Paws" den 20. Februar 2015 zu Bäerdref an no der éischter Editioun vun hirem Summerturnéier zu Bäerdref am Joer 2016

hu si déi folgend Editiounen all Kéiers hei zu Beafort organiséiert. An der Tëschenzäit hu si och hire Sätz op Beafort verluecht.

D'Hénn aus der Kategorie "Jumping 1" hu Samschdesmoies géint 8.30 Auer de Concoursweekend agelaut am Laf vum Moie stoungen d'Kategorien "Jumping 2", "Agility 1" an "Agility 2" um Programm. No der Mëttespau goung et mat "Agility 3" a "Jumping 3" weider. Sonnes war den Oflaf emgedréint: "Jumping 3", "Agility 3", "Agility 2", "Agility 1", "Jumping 2" a "Jumping 3". D'Präisverdeelung huet jee weils mëttes an owes stattfonnt.





29. Juni

Am Kummelsbau huet de Beeforter Syndicat d'initiative et du tourisme de Bilan vun der leschter Saison virgestallt. De Comité ass zéng Mol zesumme komm an d'Comitésmembere waren op sëllege Versammlunge vun touristeschen Associatiounen, Seminaren an Aarbechtsgruppe present ewéi zum Beispill vum ORT (Office regional du tourisme), Leader oder aner Tourismussyndikater.

Fuesent op der Äispist, Grouss Botz an de Blumme- maart waren déi éischt Aktivitéiten am leschte Joer an de virleefegen Héichpunkt war déi offiziell Aweigung vun den Iglu Huts mam Tourismusminister Lex Delles. Am Juli goufen de Parking an de Wee bei der Schwämm vun der Gemeng amenagéiert. Touristen a Beeforter hunn den 21. Juli um Tipifest zesumme gefeiert. No der Grousser Botz am Fréijoer gouf sech am Hierscht de 17. September um "Clean Up Day Mëllerdall" bedelegt a mat engem Stand war een um zweete Beeforter Wantermaart vertrauden. Ofgeschloss gouf d'Joer op Kleeserchersdag mat der Aweigung vum Sanitärblock 4 an de Vestiaire fir de Beeforter Äishockeyveräin, dëst a Präsens vum Tourismusminister Lex Delles a Sportminister Georges Engel.

D'Schwämm ass den 21. Mee endlech ënner normale Konditiounen opgaangen an ofgeschloss gouf ewéi déi Jore virdu mam Hondsschwammdag de 4. September. D'lescht Joer gouf ënner anerem an een neie Computer fir d'Keess, nei Sécherheetsglas un der Rutschbahn a Schwimmbadtechnik an nei Abo- a Saisonskaarten investéiert. Am Ganze goufen 33.549 Entréeën gezielt an dat ass ee Plus vun 107 Prozent am Verglach mat 2021. Den Einnamen an Héicht vun 152.565,82 Euro stinn Depense vun 175.217,76 Euro entgéint, wat ënnert dem Stréch eng Perte vun 22.651,94 Euro mécht.

Eng Perte huet och d'Äispiste gemeet: 67.098,25 Euro, resultéierend aus den Einnahme vun 298.789,21 Euro an den Ausgabe vun 365.887,46 Euro. D'Zuel vun den individuellen Entréeën ass ëm 9,8 Prozent am Verglach mam Joer virdrun op 21.004 erfogaange während et bei Gruppen a Schoulen een dättelechen Zouwuess op 10.518 (plus 66,8 Prozent) ze verzechné gëtt. Des Weideren hunn 101 Participanten un de Course fir Ufänger a Fortgeschrattener deelgeholl.

Wéinst den explodéierenden Energiekäschten ass d'Äispiste méi spët ewéi déi lescht Jore gewinnt opgaangen (12. November) an d'Saison huet éischter opgehale (19. Februar). Mat der Ënnerstëtzung vun der





Gemeng gouf deen Termin fir de Publique op zwou Wochen no hanner verréckelt (5. Mäerz). Den Äishockey huet wéinst de Playoffs d'Äis nach eng Woch fir sech gehat an d'Äismaschine goufen den 11. Mäerz definitiv ofgeschalt. Ice-Karting gouf et déi lescht Saison keen.

Dank dem Camping konnt de SITB d'Geschäftsjoe mat engem Boni an Héicht vun 77.916,63 Euro ofschléissen. D'„Mëllechou“ huet ee Boni vun 246.752,91 produzéiert (Einnamen 729.291,72 Euro, Ausgaben 482.538,81 Euro). Dobäi kënn nach eng Perte vun 79.086,09 Euro vun der „Administration générale“, déi sech zesummesetzt aus 111.857,72 Euro Depensen an 32.771,63 Euro Einnamen.

D'Zuel vun den Iwwernuechtungen um Camping ass vun 33.088 op 38.522 (plus 16,4 Prozent eropgaangen). Am Eenzele sinn et 1.200 (plus 33,8 Prozent) an de Wanderhütten, 1.214 (plus 20,4 Prozent) an de Mobilhomes, 2.248 (plus 34,8 Prozent) an den Tipis an 838 (plus 63,7 Prozent) an den Iglus.

Erneuerung vu weidere Stroumkëschten, de Weiderbau vum neie Sanitärblock 2 mat dräi neie Gäschtezëmmeren a Wunneng fir de Campingwart, den Ausbau vum Wifi um Camping, d'Neigestaltung vun der klenger Spillplaz beim Sanitärblock 3, de Kaf vun engem neie Rasenmäher an Unhänger, eng nei Paart beim Atelier, d'Instandsetzung vun de Wanderkaartepanneauen an de Bau vun Dréchemauere (finanzéiert duerch d'Gemeng) zielen ënner anerem zu den Investitiounen am

leschte Joer. Och um Gebitt vum Marketing gouf an de leschten zweielef Méint investéiert.

Des Weidere gouf et een Zouwuess bei de Visiteuren am „Tourist Info“ an zwar vun 5.172 op 6.374 (plus 23,2 Prozent) an och beim „Rent a Bike“ ëm 2,7 Prozent op 189 Véloslocationen.

Ee klengen Ausbléck fir 2023, wou de Weiderbau vum neie Sanitärblock am Méttelpunkt steet. D'Ouverture ass fir Ouschteren 2024 virgesinn an d'Käschte belafen sech viraussichtlech op ongeféier 2,3 Milliounen Euro. Weider um Investitiounsprogramm stinn d'Erneuerung vu weidere Stroumkëschten, d'Umzäunung vun der Campingsplaz nieft der Äispiste, Dréchemauer mat Bepflanzung a Blummewues an Zesummenaarbecht mam Natur- a Geopark Mëllerdall, zousätzlech Lafhëllef an Schlittschong a beim Marketing ass et d'Neigestaltung vum Flyer Tourentipp B1, Wanderkaart Beefort a Flyer Camping Park Beefort.

Nieft der Fuesent op der Äispiste an der Grouss Botz ginn an de Méint Juli an August Concerten an Animatioun organiséiert, de 27. Juli ass d'Tipifest an den Hondsschwammdag den 3. September. Ofschléissend gouf nach jidderengem Merci gesot, déi de SITB an iergendenger Form ënnerstëtzt hunn. De Comité setzt sech zesummen aus Françoise Bonert (Presidentin a Sekretärin), Nancy Dupont-Courtois (Vizepresidentin), Camille Hoffmann (Tresorier), John Stirn (Delegéierte vun der Gemeng) an de Membere René Champagne an Emile Wies.

29. Juni

D'Amicale Pompjeeë Beefort huet wéi all zwee Joer eng Feierläscherkontroll organiséiert. Donneschdes a freides konnt ee säi Feierlächser ofginn a samschdes rëm ofhuelen. Passend zum Thema konnt ee säin Duuscht bei der Amicale läschen. Déi éischt zwee Deeg gouf zäitlech een Afterwork mat Grill gemeet an e Samschdeg nach zousätzlech ee Feierlächserfest mat Animatioun fir Grouss a Kleng ugebueden. Erënnere mer drun, datt all Feierlächser no zwee Joer muss kontrolléiert ginn an no enger erfolgräicher Kontroll eng entspreichend Zertifizéierung a Gültigkeestdauer kritt.





ADMINISTRATION COMMUNALE DE BEAUFORT

9, rue de l'Eglise
L-6315 Beaufort
Tel. 83 60 45 - 1

méindes, dënschdes a freides: 8.30 - 12.00 / 14.00 - 16.30
mëttwochs: 8.30 - 12.00 / 14.00 - 20.00
donneschdes: 8.30 - 12.00

Sekretariat

tessy.pena@beaufort.lu

Tessy Pena: 83 60 45 - 26

Kommunikatioun

communication@beaufort.lu

Jos. Nerancic: 83 60 45 - 30

Etat civil & indigénat

EtatCivil@beaufort.lu

Mike Hertges: 83 60 45 - 23

Service technique

technique@beaufort.lu

Marc Rodesch: 83 60 45 - 29 / 621 73 74 75

Claire Picard: 83 60 45 - 27

Nick Drozda: 83 60 45 - 22

Recette

recette@beaufort.lu

Sonja Fetler: 83 60 45 - 24 (dënschdesmëttes zou)

Populationsbüro

population@beaufort.lu

Sandra Breser-Michels: 83 60 45 - 20

Eliane Donven-Seiwert: 83 60 45 - 20 (mëttwochs, donneschdes a freides)

URGENCES

112 Ambulance, pompiers et gardes

113 Police Lëtzebuerg

Electricité

Dépannage et urgence (24h/24h - 7j/7): 8002-9900 (Creos)

Distribution d'eau

Dérangements sur le réseau de distribution d'eau sur le territoire de la commune de Beaufort:
621 73 74 75 (Marc Rodesch, responsable du service technique)

www.beaufort.lu

Wëllkomm

Beeforter app



Gemeng
Beaufort